LU

Biergerbühn: Der Besuch der alten Dame

Spill mat, a gëff och du Deel vun engem Theaterstéck!

Du wollts schonn ëmmer Deel vun engem kreativen, gemeinschaftleche Prozess ginn?
Hues du Loscht mat professionelle Schauspiller*innen op der Bühn ze spillen?

Am Kader vun der Kulturhaaptstad Esch2022 sicht den Escher Theaterkollektiv ILL - Independent Little Lies, Bierger*inne fir d'Theaterstéck *Der Besuch der alten Dame.*

An Theaterateliere ginn d'Themen aus deem Stéck - Gerechtegkeet, Muechtstrukturen, Gläichberechtegung – behandelt a kënschtleresch ëmgesaat. Gëff och du Deel vun der *Biergerbühn* a mell dech un!

An Zesummenaarbecht mam Escher Theater gëtt am Oktober 2021 d'Stéck ***Der Besuch der alten Dame*** vum Friedrich Dürrenmatt gespillt:

Jiddereen*t ka matmaachen

Keng Virkenntnesser néideg

Aschreiwungen: biergerbuehn@ill.lu / www.biergerbuehn.lu

Opruff: Matspiller*innen gesicht!

Biergerbühn: Spill mat, a gëff och du Deel vun engem Theaterstéck

Der Besuch der alten Dame, Friedrich Dürrenmatt

Am Kader vun der Kulturhaaptstad Esch 2022 kreéiert den Escher Theaterkollektiv ILL - Independent Little Lies, d'Theaterstéck *Der Besuch der alten Dame* vum Friedrich Dürrenmatt am Escher Theater.

Ënnert dem Motto **spill mat** gi Bierger*inne gesicht, déi Loscht hunn un dëser besonnescher Theaterproduktioun matzewierken. Et ginn zwou Méiglechkeeten um Projet Deel ze huelen: am Schauspill- oder Kostümberäich.

Op der Bühn spillen

Schauspill

D'Bierger*innen bereeden am Virfeld verschidden Aspekter vum Stéck a reegelméissege Schauspill-Ateliere vir. Mëtt Abrëll fänken d'Prouwen ënnert der Leedung vum Linda Bonvini an Anja Hoscheit un. Themae vum Stéck - Gerechtegkeet, Muechtstrukturen, Gläichberechtegung - ginn opgegraff a souwuel inhaltlech wéi och kënschtleresch mat de Bierger*inne verschafft.

Ab dem 14. Abrëll 2021 all Mëttwochs Owes (Detailer gi bei der Aschreiwung geschéckt)
Auerzäit: 19h00-21h00
Am Bâtiment IV zu Esch
Maximal 15 Bierger*innen
Keng Virkenntnesser néideg

Hannert der Bühn spillen

Kostümgestaltung

Beandrockend an ausgefale Kostümer si charakteristesch bei dëser Produktioun! Dofir hunn d'Bierger*innen och d'Méiglechkeet d' Kreatioun vun de Kostümer fir d'Schauspiller*inne mat ze gestalten. D' Ateliere lafen ënnert der Leedung vun der professioneller Kostümsdesignerin Michèle Tonteling.

Ab dem 29. Mee reegelméisseg Samschdes (Detailer gi bei der Aschreiwung geschéckt)

Auerzäit: 10h00-17h00 (mat enger Stonn Paus)

Am Bâtiment IV zu Esch

Maximal 6 Bierger*innen

Keng Virkenntnesser néideg

Opféierungsdaten am Escher Theater

Freides, **8. Oktober 2021** um 20h00 (Première)

Sonndes, **10. Oktober 2021** um 17h00 (zweet Virstellung)

Méindes, **11. Oktober** um 10h00 (Schoulvirstellung)

Aschreiwung:

biergerbuehn@ill.lu / www.biergerbuehn.lu

Kontaktpersoun: Elisa Baiocchi

Aschreiwungskäschten: 50€

Theatersték: Der Besuch der alten Dame, Friedrich Dürrenmatt

D'Claire Zachanassian, déi al Damm, kennt no méi wéi 40 Joer an hiert Heemechtsduerf Güllen zréck. D'Duerf huet grouss Hoffnunge wat de Besuch vun hirer 'verluerener Duechter' ugeet. Mëttlerweil ass d'Uertschaft veraarmt an erofkomm, matzen an enger kapitalistescher Ëmgéigend. D'Bewunner*inne sinn um Enn a liewen an aarmséilegen Existenzen. Eng generéis Spend vun der aler Damm kéint Güllen aus dem Ruin retten. D'Bewunner*inne wëssen awer net, dass d'Claire Zachanassian komm ass, fir Gerechtegkeet zu fuerderen.

Schauspiller*innen: Marc Baum, Fabienne Hollwege, Sascha Ley, Jean-Paul Maes, Annette Schlechter ë.a.
Regie & Textfaassung: Claire Thill **Dramaturgie & Textfaassung:** Oliwia Hälterlein
Choreographie: Sayoko Onishi **Bühnebild:** Theresa Scheitzenhammer
Theaterpedagoginnen: Linda Bonvini, Anja Hoscheit **Kostümdesign:** Michèle Tonteling
Kostümassistenz: Alexandra Lichtenberger, Laurie Lamborelle, Tiziana Raffaelli **Musik:** Emre Sevindik, **Regieassistenz:** Claire Wagener **Produktiounsleedung:** Jill Christophe
Koordinatioun: Elisa Baiocchi

E kollektiven Theaterprojet vun Independent Little Lies - ILL, mat der Ënnerstëtzung vun der Gemeng Esch, Esch 2022: European Capital of Culture 2022, dem Kulturministère, a Koproduktioun mam Escher Theater a Partnerschaft mat der Kulturfabrik.

D' *Biergerbühn* säit 2017

D'Biergerbühn ass e participative Projet, an et geet ëm Begéinung an Austausch.
A wéchentlechen Atelieren, entdecken d'Bierger*innen all d'Facette vun der Bühnekonscht: Schauspill, Danz, Beweegung, Improvisatioun, Schreiwen, Kostümgestaltung...

Mat der Ënnerstëtzung vun der Fondation Sommer, der Kulturfabrik an der Gemeng Esch, gëtt zanter 2017 all Joers een Theaterstéck produzéiert.

Spill och 2022 mat!

Ausbléck

Och am Joer 2022 sicht ILL Bierger*inne fir de Projet „Doheem“, ënnert der Leedung vum Elsa Rauchs a Claire Wagener. Bei dëser Produktioun hunn d'Bierger*innen d'Méiglechkeet un themespezifeschen Atelieren deelzehuelen a bei der Gestaltung vum Stéck matzeschaffen.